N°8080
Entrée le 03.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8080 vum 7. Juni 2023 vun der Madamm Deputéiert Martine Hansen, vum Här Deputéierten Emile Eicher, vum Här Deputéierten Aly Kaes an vum Här Deputéierte Jean-Paul Schaaf.**

Nodeems d'Gestengs, dat an den Tunnel gefall ass, komplett evakuéiert konnt ginn, sinn aktuell d'Aarbechten am gaange fir déi definitiv nei Drostruktur op der concernéierter Plaz an den Tunnel anzebauen.

Zenter dass den 13. Februar 2023 festgestallt gouf dass déi bis dohinner realiséiert Injektiounen net duer ginn an dorops hin den Aarbechtsprogramm ugepasst gouf, ass et zu kenge Komplikatioune bei den Aarbechte komm.

Den Deel vun der Nordstreck tëschent Kautebaach a Clierf wäert de 5. August 2023 nees a Betrib kënne goen.

D'Erneierungsaarbechten, déi fir d'Period vum 20. August bis den 10. September geplangt sinn, gesinn eng komplett Erneierung vun de Gleiser (Schinnen, Schwellen a Ballast) tëscht Wëlwerwolz an Draufelt vir. Dobäi handelt et sech ëm ± 4.200 m Gleis, dat mat Hëllef vun engem mechaneschen Embauzuch erneiert gëtt. Den Zougang fir des spezialiséiert Aarbechtsmaschinnen an déi doduerch bedéngte Materialversuergung vum Chantier kann nëmme vu Süde Richtung Norde statt fannen, well des Gefierer vun de Firmen, déi um Lëtzebuerger Reseau agreéiert sinn, keng Autorisatioun hunn fir um belsche Reseau kënnen ze zirkuléieren.

Den Tunnel Schieburg, deen tëscht Kautebaach a Wëlwerwolz läit, huet also den Accès per Schinn wärend de Méint wou d'Nordstreck op dem betraffene Streckendeel zou war an och nach ass, verspaart. Wéinst der Topographie an dem Mangel un adequate Stroossenaccèse war d'Erneierung vun de Gleiser anescht wéi duerch déi mechanesch Method net denkbar.

Lëtzebuerg, den 3. Juli 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch